N° 8146
Entrée le 12.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An engem Schreiwes vun der Personalvertriedung vum TICE geet ervir, dass de Mobilitéitsministère déi bestoend Konventioun mam TICE net wéilt verlängeren, wouduerch d'Participatioun bei verschiddene Käschte beim TICE no 2024 net méi géife gedroe ginn. Et steet notamment d'Gerücht am Raum, dass verschidde Buslinnen dann net méi kéinte funktionéieren, wat een Impakt fir den ëffentlechen Transport an de betraffene Gemenge géif duerstellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Mobilitéitsministere bestätegen, dass aktuell Gespréicher mam TICE amgaange sinn?
2. Wat erwaart sech de Mobilitéitsministere vun der neier Konventioun?
   Wat fir eng Punkte wëll ee vu Säite vum Mobilitéitsministère duerchsetzen?
3. Wäert de Minister dofir suergen, dass all d'Buslinne beim TICE, wéi se aktuell bestinn, bäibehale ginn? Falls nee, wéi eng Kierzungen si geplangt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten